N°2800
Entrée le 17.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, an der Madam Justizministesch Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro n°2800 vum 20. August 2025 vun der honorabeler Députéierten Nancy Arendt zum Sujet "Reconnaissance facial".

1. Wéi steet d'Regierung zu KI-gestëtzten Erkennungs-Systemer - inklusiv Gesiichtserkennung - als zousätzlech Hëllef an der Kriminalitéitsbekämpfung ? 2. Kéint Regierung sech sou ee Pilotprojet och zu Lëtzebuerg virstellen ?

Allgemeng steet d'Regierung innovativen Technologien opgeschloss géigeniwwer, besonnesch am Kader vun hirer aktualiséierter Strategie « d'innovation basée sur la donnée, intelligence artificielle (IA) et informatique quantique », wéi se am Koalitiounsaccord beschriwwe gëtt, déi d'Donnéeën, kënschtlech Intelligenz an d'Quanten-Technologien als dräi integréiert Sailen fir d'Erreeche vun digitaler Souveränitéit definéiert.

Den Asatz vu KI gestëtzten Erkennungssystemer ass fir d'Police begréissenswäert an der Opklärung, respektiv Preventioun, vu Crimen an Delikter.

Et ass allerdéngs fir de Moment net virgesinn Gesiichtserkennung an déi existent Moyene anzebauen, esou wéi et an der Äntwert op d'QP 2044 betreffend Visupol opgeféiert ass. Aktuell ass deemno och kee konkrete Pilotprojet a Planung.

Een eventuelle Pilotprojet an dësem Beräich ass och nëmme virstellbar ënner strenge juristeschen, techneschen an ethesche Konditiounen. All prakteschen Asaz muss d'Grondrechter respektéieren an d'Proportionalitéit garantéieren.

3. Op wei enger legaler Basis kéint sou ee Pilotprojet duerchgefouert ginn ?

Am europäesche Kader, gëtt de Betrib vu „real-time" Remote Biometric Identification ("RBI") an ëffentlechen, zougängleche Plaze vum AI Act streng gereegelt. Dëse rechtleche Kader verbitt Echtzäit-Gesiichtserkennung an ëffentlech zougängleche Raim fir d'Strofverfollgung. Eng Ausnahm ass just méiglech, wann et aus wichtege Grënn vun der ëffentlecher Sécherheet vun enger Justizautoritéit oder enger "Autorité administrative indépendante" geneemegt gëtt.

Den AI Act klasséiert Gesiichtserkennung als Héichrisiko-System, wat eng Rei vu strenge Viraussetzunge mat sech bréngt: dorënner Transparenz, Date-Sécherheet, an eng Grondrechtskonformitéit. Zousätzlech mussen d'Bestëmmunge vun der EU-Dateschutz-Grondverordnung (GDPR) respektéiert ginn.

Am nationale Kader verbidd Artikel 43*bis*, paragraphe 5,vum Policegesetz explizit d'facial recognition.

Lëtzebuerg, den 17. September 2025

Den Inneminister

(s.) Léon Gloden